PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29/09/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un de Premierminister an d'Ministere fir Kommunikatioun & Medien, Cultes, Digitalisatioun, Administrativ Reform, Bannenzeg Sécherheet, Aussenugeleeënheeten an Europa, Immigratioun an Asyl, Verdeedegung, Mobilitéit, Bildung, Héichschoul a Fuerschung, Ëffentlechen Déngscht, Landesplanung, Energie, Konsumenteschutz, Kultur, Gläichheet tëscht Fraen a Männer, Interieur, Mëttelstand, Tourismus, Ëffentlech Aarbechten, Gesondheet, Justiz, Wirtschaft, Kooperatioun, Finanzen, Aarbecht, Sport, Sozialversécherung, Landwirtschaft, Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung, Wunnengsbau, Famill an Integratioun & Groussregioun weiderzeleeden.**

Am Walkampfofkommes ass festgehaale ginn, dass Ministeren a Ministeschen an der Ausübung vun hirem Mandat wärend der Period vum Walkampf keng bezuelte Reklammen iwwert Ministèren akafen, déi net direkt eppes mat hiren Informatiouns- an Opklärungsflichten ze dinn hunn. Dëst fir ze evitéieren, dass ëffentleche Steiergelder, déi fir d'Aarbecht vum Ministère geduecht sinn, net fir de Walkampf mëssbraucht ginn. Op Social Media gesäit een aktuell vill gesponsered Bäiträg vun de Ministèren mat Fotoen vun de Ministeren a Ministeschen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Social Media Bäiträg hunn d'Ministèren säit dem 4te September publizéiert an dës mat bezueltener Werbung op de Plattforme gepusht unn?
2. Ëm wéi een Geldbetrag handelt et sech insgesamt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten